Robert LEVEN

L-5856 Hesper

Hesper, den 10. Abrëll 2016

Un all Interesséiert,

Betrefft: Visite vum **SOLARTANK**

Solarenergie ass déi eenzeg Alternativ wann et drëms geet dem Klimawandel d'Stir ze bidden. Vill Gemengen engagéieren sech aktiv am Klimabündnis an am Klimapakt an hunn dat zesummen mat engagéierte Bierger an d'Wee geleet.

De gréissten Deel vun der Energie, dee fir d'Wunne gebraucht gëtt, ass Hëtzt. Do leie mer bei +/-70% vum Gesamtenergieverbrauch. Et muss een ower feststellen, datt, wa Solarthermieanlagen installéiert ginn, sech dat dacks nëmmen op d'Produktioun vu waarmem Brauchwaasser beschränkt an d'Hëtzen ëmmer nach nëmmen als Support gesi get. **Mam Solartank ass et ower méiglech en Haus ganzjähreg nemme mat Sonnenenergie ze hëtzen.**

Fir dat kennen ze gesinn hunn ech eng Visite organiséiert:

- ***Mëttwoch 15. Juni***
- Depart: +/- 6h45 mam Bus bei der Hesper Gemeng
- Kaffi –Croissant am Bus oder ennerwee
- Mëttegiessen
- Arrivée bei Jenni Energietechnik zu Burgdorf (bei Bern an der Schwäiz)
- Visite Produktioun vum Solartank,
- Owesiessen
- Iwwernuechtung am Hotel,
- ***Donneschdeg 16. Juni***
- Moies: Kaffi,
- Visite vun "Vorzeigehäuser"
- Mëttegiessen, uschléissend Départ
- Arrivée zu Hesper: géint 19h30
- Präis: +/- 500 EUR pro Persoun am Eenzelzëmmer

**Détailler:**

- Hotel zu Burgdorf,
- Umeldung bis de 15. Abrëll
- Annulatioun no der Iwwerweisung: Keng Réckerstattung, et kann een ower eng aner Persoun sichen déi amplaz matgeet. Mat der Iwwerweisung acceptéiert der dës Konditioun.

**Umeldungsprozedur: First come, first serve**

- Umeldung bis den 15. Abrëll mam Formulaire per Email op robert@leven.lu (gëtt bestätegt)

Wa mindestens 10 Persoune matginn:

- Dir kritt en Email mat der Kontosnummer fir d'Iwwerweisung ze maachen.

---

## Formulaire

## (ausfëllen, copéiren an an den email asetze w.e.g.)

| Umeldung fir d'Visite bei Jenni Energietechnik vum 15.6 bis 16.6. 2016 | |
|---|---|
| Viernumm * | |
| Numm * | |
| Organisatioun * | |
| Nr, Strooss * | |
| Postcode, Uertschaft* | |
| Email* | |
| GSM | |

*=obligatoresch Informatioun

---

Ech hoffen datt des Excursioun Iech usprécht a freeë mech drop mat Iech all zesummen dës interessant Firma ze besichen.

Mat de beschte Gréiss,

Robert LEVEN